



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1299 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener

Generell gëtt schonns direkt wann eng Schoul oder ee Lycée soll gebaut ginn gekuckt, d'Klassesäll esou ze konzipéieren an ze amenagéieren, datt se inklusiv an accessibel sinn, d'Sécherheet vun alle Schüler garantéieren a Réckzuchsméiglechkeete fir d'Schüler bidden.

Esouwuel an der Grondschool ewéi och am Lycée ass et méiglech, iwwert Aménagements raisonnables d'Léierëmfeld vu Schüler mat spezifesch Besoinen unzepassen. Dës Upassung baséieren op den individuelle Besoine vun de Schüler. Nieft der Upassung vum didaktesche Material (wéi z. B. Vergrößerung vun Texter, Notzung vun audiovisuellem Support oder informatemeschem Material) an der pädagogescher Differenzéierung ass et hei méiglech, de Raum an den zäitleche Verlaf vum Unterrecht (méi Zäit fir eng Aufgab oder en Test, Ënnerdeelung vun den Aufgaben, méi Pausen, asw.) unzepassen.

Speziellt Material, dat gebraucht gëtt fir de Klassesall ze amenagéieren, kann iwwer verschidde Weeër finanziert ginn. An de Grondschoole sinn et am Prinzip d'Gemengen, déi dat néidegt Material zur Verfügung stellen. D'Lycéeën hunn hir Dotatioun, mat där si speziell Material kafen oder ersetze kënnen. Fir déi spezialiséiert Kompetenzzentren an d'Équipes de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) besteet d'Méiglechkeet, eng Demande beim Service national de l'éducation inclusive (SNEI) eranzerechen, fir speziell Equipment, sougenannten Équipements spéciaux, finanziert ze kréien.

Betreffend der Fro vun der Responsabilitéit, wann e Schüler sech oder een anere Schüler verletzt, gëllen déi allgemeng Reegele vun der Responsabilité civile (Artikelen 1382, 1383 an 1384 vum Code civil), esou wéi déi méiglech Responsabilitéit vum Staat fir Virfäl déi ënnert der Surveillance vun engem Enseignant geschitt sinn (Dispositiounen vun der *Loi modifiée du 1^{er} septembre 1988 relative à la responsabilité civile de l'État et des collectivités publiques*), an d'Méiglechkeet, de Virfall als Accident scolaire ze declaréieren mat gegebenefalls enger Indemnisiatioun vun den Dommagen (kierperlechen oder materielle Schued) duerch d'Association Assurance Accident (ewéi vun den Dispositiounen vum *Règlement grand-ducal modifié du 17 décembre 2010 concernant l'assurance accident dans le cadre de l'enseignement précoce, préscolaire, scolaire et universitaire* virgesinn).

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH